



Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif gäre menge Kolleegen a Kolleginnen aus der Finanzkommissioun e Merci ausriichte fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht bei dësem komplexe Projet. E Merci och fir d’Gedold an d’Ausdauer. E Merci fir d’Madame Guezennec a fir den Här Zeeb fir hir Mathëllef.

An lech, Här President, Merci fir d’Indulgence bei menger Riedezäit, déi gläich eriwwer ass, mä och ech si gläich fäerdeg mat mengem Rapport.

Zum Schluss, Här President, erlaabt mer, e perséinleche Wonsch auszudrécken, de Wonsch, datt den Zukunftspak sech zu engem Zukunftsprojet fir onst Land entwéckelt.


► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madame Rapportrice. An ech ginn dee Merci fir d’Indulgence weider un d’Kolleege vun deene verschidene Fraktiounen, well dat mat hinnen ofgeschwat war a mer jo deen Débat als Ganzt féieren, also och d’Rapporten als Ganzt ugesinn. Merci.

Domat si mer um Enn vun der Sëtzung vun de Mëtten ukomm. Rendez-vous muer de Moien um néng Auer fir d’Äntwert respektiv d’Aféierung vum Finanzminister respektiv der Regierung an d’Diskussioun iwwert déi eenzel Projeten an d’Motioun.

Villmools Merci a bis muer!

(Fin de la séance publique à 16.25 heures)



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

Sommaire

- Ouverture de la séance publique
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- 6720 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2015 [...] (suite)
 - 6721 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2014 à 2018 (suite)
 - 6722 - Projet de loi relative à la mise en œuvre du paquet d’avenir - première partie (2015) [...] (suite)
 - Exposé de M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, relatif aux projets de loi n°6720, n°6721 et n°6722
- Dépôt d’une motion par M. Laurent Mosar
 - M. Laurent Mosar
- Ordre du jour
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- Motion de M. Marc Angel relative à la reconnaissance formelle de l’État de Palestine dans les frontières de 1967 uniquement modifiées moyennant accord des deux parties, au moment qui sera jugé le plus opportun
 - Motion de M. Laurent Mosar relative à la reconnaissance en principe de l’État palestinien et à l’appui d’une solution fondée sur les deux États dans le cadre d’une mise en marche d’un processus de pourparlers de paix
 - Exposés: M. Marc Angel, M. Laurent Mosar
 - Discussion générale: Mme Lydie Polfer, M. Claude Adam (interventions de M. Claude Wiseler et Mme Lydie Polfer), M. Fernand Kartheiser (dépôt d’un amendement), M. Serge Urbany, M. Laurent Mosar, M. Marc Angel (M. Claude Wiseler intervient)
 - Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes
 - Mme Lydie Polfer (parole après ministre)(M. Claude Wiseler intervient), M. Fernand Kartheiser (parole après ministre)
 - Vote sur la motion 1 (adoptée)

- M. Serge Urbany, M. Mars Di Bartolomeo, Président
 - Vote sur la motion 2 (adoptée)
- 6725 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l’infrastructure ferroviaire
 - Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché
 - Discussion générale: M. Serge Wilmes, M. Roger Negri, M. Gusty Graas, M. Roy Reding, M. Justin Turpel
 - Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
 - M. Gast Gibéryen (parole après ministre), M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
 - Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - 6712 - Projet de loi portant fusion des communes d’Eschweiler et de Wiltz
 - Rapport de la Commission des Affaires intérieures: M. Claude Haagen
 - Discussion générale: M. Emile Eicher, M. Guy Arendt, M. Roberto Traversini, M. Justin Turpel
 - Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur
 - Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - 6605 - Proposition de loi relative au changement du nom de la commune d’Erpeldange en celui d’Erpeldange-sur-Sûre
 - Rapport de la Commission des Affaires intérieures: M. André Bauler
 - Discussion générale: M. Aly Kaes, M. Claude Haagen
 - Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur
 - Vote sur l’ensemble de la proposition de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d’État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Jean Asselborn, Félix Braz, Nicolas Schmit, Romain Schneider, François Bausch, Fernand Etgen, Mme Maggy Nagel, M. Pierre Gramegna, Mme Lydia Mutsch, MM. Dan Kersch, Claude Meisch et Mme Corinne Cahen, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech maachen eis Sëtzung heimat offiziell op. E schéine gudde Moien!

Huet, Här Statsminister, d’Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d’État.** - Herno gëtt eng gemaach.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci villmools. Da gi mer weider an eisem Ordre du jour: d’Diskussioun, d’Presentatioun vum Statshaushalt an deene konnexe Projete fir 2015. Mir héieren elo d’Presentatioun, den Exposé vum Här Finanzminister Pierre Gramegna iwwert de Statsbudget, iwwert d’pluriannuel Finanzplanung an iwwert den Zukunftspak.

Här Finanzminister, Dir hutt d’Wuert.

2. 6720 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2015 [...] (suite)

6721 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2014 à 2018 (suite)

6722 - Projet de loi relative à la mise en œuvre du paquet d’avenir - première partie (2015) [...] (suite)

Exposé de M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, relatif aux projets de loi n°6720, n°6721 et n°6722

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Här President, Här Premierminister, léif

Kolleege vun der Regierung, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, gëschter hate mer zwee Rapporteurs, déi eng super Aarbecht geleescht hunn. Ech géif hinne gär direkt Merci soe fir hir Berichter, déi schéin an d’Déift gaange sinn. An ech weess, wéi schwéier et war, déi Aarbecht ze maachen. Ech kommen nach duerno drop zrëck.

Ech wéilt direkt am Ufank soen, dass déi Budgetsried an déi Débata ronderëm de Budget 2015 bestëmmt mat déi animéiertst waren, déi onst Land an deene leschte Joren a vläicht Jorzéngte kannt huet ronderëm d’Fro vum Budget. An dat ass och net verwonnerlech, well d’Enjeue si ganz grouss. An ech wollt direkt am Ufank nach eng kéier soen, wat fir eng Erausforderung mer hu missen an dësem Budget 2015 - an an deenen, déi duerno kommen - an d’A faassen!

Éischstens emol verléiere mer d’nächst Joer, an dat ass deen éischte Punkt, op d’mannst 700 Milliounen Euro TVA électronique. Dat ass scho laang gewosst, mä et ass näischt do gemaach ginn. An dofir huet dës Regierung dat missen upaken.

Zweete Punkt: Mir schleefe säit 2008 am Zentralstat regelméisseg Defiziter zwëschen 800 Milliounen an enger Milliard mat. Dat waren d’Defiziter zwëschen 2008 bis 2012. Dat kann onst Land sech net méi leeschten!

An drëtzens: Eis Schold, déi ass virun zéng Joer ongeféier eng Milliard gewiescht. Déi ass der haut méi wéi eelef! An deene leschte fënnef Joer ass eis Schold par rapport zum PIB vu 7% op 23% geklommen, huet sech also a fënnef Joer verdäifacht. Och dat ka sech onst Land net méi leeschten.

Dat war déi schwéier Aufgab, virun där mir stoungen. An ech wollt se nach eng kéier répé-

téieren, well herno huet een de Risque mat all deenen Zifferen, dass ee guer net méi weess, wou een drun ass. Ech wëll also, dass ee vu lauter Beem de Bësch herno nach ëmmer gesäit!

Ech mengen ze wëssen, well et och schonn hei gesot ginn ass, ënner anerem an der Kompetitivitéitsdebatt, dass déi Haaptoppositionspartei deen Diagnostique deelt, dass dat doten net méi tragbar ass an dass do muss agéiert ginn. Dat ass u sech eng ganz gutt Noriicht, wann een op d’mannst um Diagnostique sech eens ass.

Fir déi grouss Erausforderung do ze léisen, ass et eben och net duergaange mat engem Gesetzesprojet fir de Budget 2015, mä mir hunn dat och misse pluriannuel maachen, och weinst europäesche Fuerderungen. Mä dat erlaabt eis natierlech, vill méi am long Terme d’Problemer ze kucken, a mir hunn déi 258 Mesurë vum Zukunftspak. Mir hunn also dräi Gesetzesprojeten, déi mer hei matenee beschwätzen an diskutéieren an debattéieren.

Fir et ganz einfach schonn am Ufank ze soen: Mir hunn den Défi, dee mer haten, an d’Ae gekuckt, an ech kann haut soen, dass mer déi schwéier Aufgab geléist hunn. An ech sinn net deen, deen dat selwer seet, oder d’Regierung, déi dat selwer seet, dat ass d’Europäesch Kommissioun, déi eis dat den 28. November gesot huet! Si huet eis gesot: „Lëtzebuerg ass fir déi nächst Joren an der Rei mam Pacte de stabilité et de croissance.“ Si seet dat op der ganzer Periode. An ech freeë mech doriwwer. An an där ganzer Periode kënnt Lëtzebuerg net aus der Bunn! Am Jargon vu Bréissel heescht dat, dass mer net ënnert de Volet correctif vum Pacte de stabilité kommen.

A mir halen och de Pacte de stabilité a mat deene Mesuren, mat deem Accord, dee mer

mat de Syndicaten ofgeschloss hunn, well do leie mer nach ëmmer an de Limitten, déi de Stabilitéitspak virgesäit.

Ech géif soen, dass déi Décisioun vun der Kommissioun eis am Fong geholl en immense Pak vu Konfienz schenkt. A mat där Konfienz ass et natierlech méi einfach, ze schaffen!

Ech komme gären zrëck - no där Introduktioun, fir elo nëmmen Zifferen op den Dësch ze leeën - op déi zwee Rapporte vun de Rapporteurs Franz Fayot a Viviane Loschetter. Ech géif hinne gäre Merci soen, well si hunn eng super Aarbecht gemaach. An Dir wësst, dass d’Zäit ganz enk war. An et war och ganz vill ze maachen. De Ben Fayot - oh, de Ben Fayot! -, de Franz Fayot huet richtegerweis gesot - ech hofen, dass de Ben Fayot dat och deelt -, de Franz Fayot huet...

(Hilarité)

De Franz Fayot huet richtegerweis gesot, dass dës Budget ënnert dem Zeeche vun der Responsabilitéit ass an dass déi Responsabilitéit de Fil rouge ass vum Budget 2015, vum Pluriannuel a vum Zukunftspak. Hien huet insistéiert, dass am Fong geholl de Budget 2015 an déi aner „atypesch“ sinn. An en huet do dräi Saache genannt. En huet genannt éischstens, dass et pluriannuel wier. Zweetens huet e genannt, dass déi nei Kontabilitéitsregel SEC 2010 applizéiert gëtt. An en huet genannt, dass et e Budget „nouvelle génération“ wier.



Dat ass alles ganz richteg. Et ass och richteg, dass et atypesch ass mat der Vergaangenheet verglach. Mä dat do gëtt elo d'Regell! Et ass elo net eemoleg, wat mer hei maachen. Dat ass eben deen neie Paradigme. Woubäi ech hei, wann ech „Paradigme“ soen, haaptsächlech insistéieren um Budget „nouvelle génération“ an op dem Côté pluriannuel vum Budget.

D'Viviane Loschetter huet op senger Säit gesot, mir hätten hei en Novum. An den Novum ass natierlech den Zukunftspak! An och den Zukunftspak, dee mer dann am Budget 2015 ëmsetze mat engem extrae Gesetz, huet 24 Mesurë vun deem ganze Pak als But elo ëmsetzen. Mä och mam Zukunftspak, an dat huet d'Viviane Loschetter och ganz richteg ënnerstrach, hu mer mat engem Novum ze dinn, deen eis och déi nächst dräi Joer wäert begleet. A mir wäerten och dann déi néideg Zäit hunn, fir alles auszerechnen, wat nach ausgerechent muss ginn.

Ech géif elo dann an de Vif du sujet goen, andeem ech an dräi Deeler gäre géif e Kommentar zur ganzer Budgetprozedur an zum Dépôt an zum Contenu vum Budget maachen.

Fir d'Éischt géif ech gäre kucken: Wat ass um ekonomesche Plang geschitt, säitdeem de Budget de 15. Oktober 2014 déposéiert ginn ass? Am zweeten Deel: Wat ass politesch geschitt? An dann am drëtten Deel: d'Zifferen, e puer Remarques a meng Konklusioun.

Fir d'Éischt emol zur ekonomescher Evolutioun: Mir hunn de Budget opgestallt mat enger Hypothèse de croissance vun 2,7%. An der Zwëschenzäit sinn d'Statistiken, net nëmme vun onsem Statec, op deem eis Prognos hei fundéiert, mä och vun den aneren Institutiounen no ënne geschräift ginn. D'Banque centrale gesäit nach just d'nächst Joer eng Croissance vun 2% vir, d'Kommissioun eng Croissance vun 2,4%, an de Statec läit an der Mëtt mat 2,2%.

Méi wichteg vläicht wéi déi Croissance à court terme ass a mengen Aen d'Tendance à long terme. A wat seet eis do d'OCDE? Dass de Potenzial vu Croissance fir Lëtzebuerg an den nächste Joren a Joréngte bei ronn 2% géif leien. Dat ass däitlech manner wéi dat, wat mer gewinnt ware virun der Kris, wou mer Tauxen haten zwësche 4% a 5%. An dat ass och souguer manner wéi dat, wat mer an der Period, déi méi schwierig war, kannt hunn. Dofir soll een net op den Zifferen hei reiden. Dat Eenzege, wat ee muss verhalen, mengen ech: dass d'Tendance à long terme méi schwierig gëtt.

An trotzdem: Wien hätt da virausgesinn am Ufank vun dësem Joer, dass de Pétrolspräis vun 100 Dollar op bal 60 Dollar de Barrel géif eroffalen? Kee Mënsch! An dat changéiert d'Donnéeë vun der Makroökonomie weltwäit immens vill. An dofir mengen ech, dass ee bei deene Statistiken alleguerten eng gewëss Rou muss behalen. An dat hu mir och gemaach. Rou heescht, dass een d'Zifferen vun der Croissance net all fënnf Minutte changéiere geet. Mir hunn also natierlech de Budget par rapport zu der Hypothèse de croissance vun 2,7% si gelooss.

Verschiddener fannen dat optimistesches. On verra bien! Ech wëll awer och ënnersträichen, dass d'Banque centrale an hirem Avis op der Säit 20 seet: «L'hypothèse du Gouvernement pour une croissance de 4% du PIB nominal est plus prudente que celle de la Commission européenne.»

An et ass och esou, dass mer jo och, wa mer an d'Zukunft kucken, verschidde Risiken hunn. Ech wëll der nëmme zwee ervirhiewen: Deen éischten ass deen Dossier vun der OCDE, genannt BEPS. BEPS steet fir „Base Erosion and Profit Shifting“. An deem Exercice ginn d'Praktiken an d'Besteuerung an der ganzer Welt duerchlicht an déi Aarbechte wäerten am Laf vum Joer 2015 fäerdeg ginn. An doraus wäerte vill Changementer an der Steierwelt geschéien, an och net zulescht zu Lëtzebuerg.

Den zweeten Aspekt vu Risikoe sinn natierlech d'Konsequenze vun der Affär LuxLeaks, wou jo elo schonn zwou Welle waren. An do muss ee jo ganz kloer soen, dass dat eis e réputationnelle Schued gemaach huet! Deen ass kloer do. De konkreten Impakt op d'Plaz - a wann ech soen „op d'Plaz“, mengen ech net nëmme d'Finanzplaz, mä ech mengen déi ganz Ekonomie - ass nach ganz schwéier ofzegesinn an auszerechnen. Mir sinn amgang, dat ze kucken, am Kontakt mam Secteur. Ech muss zwar soen, dass de Moment de Secteur eis seet, dass e keng dramatesch Evolutioun gesäit. Mä et ass och nach e bësse fréi.

Ech wëll lech awer och soen, dass, soubal mer do méi konkret Zifferen wäerten hunn, an dat

wäert dann am Ufank vum nächste Joer sinn, am éischten Trimester wahrscheinlech, ech natierlech ganz gär erëm virun der Chamber, an der Cofibu an och mat de Sozialpartner iwwert déi Konsequenze wäert schwätzen.

Mä mir sinn awer optimistesches fir Lëtzebuerg, well mir gesinn nämlech Chancë fir eist Land. An zwar gleewe mir un onst Land. Mir gleewen un d'Innovatiounskraaft vun eisen Entrepreneuren. Mir gleewen un de Courage vun de Lëtzebuerger. Mir sinn iwwerzeugt vun der Uppassungsfäegkeet vun onsem Land a vun all deene Leit, déi hei wunnen a schaffen. Mir sinn also net déi, déi géint Lëtzebuerg wetten! Déi, déi an der Vergaangenheet pessimistesches ware fir Lëtzebuerg a géint Lëtzebuerg gewett hunn, hu sech meeschtens geiert!

Ech géif do gären zwee Beispiller huelen. Eent, dat e bësse méi wäit an der Vergaangenheet läit, mä dat mer awer nach all am Kapp hunn, dat ass dat vun der Stolkris. Deemools huet eist Land ganz vill gelidden, a kee Mënsch hätt geduecht, dass mer esou gutt aus där Kris géifen erauskommen. Eis Stolindustrie selwer ass jo super draus erauskomm, ass herno jo déi gréisst vun der Welt ginn - mat Fusiounen natierlech - an huet Produiten entwéckelt, déi soss keen hat.

Awer en zweet Beispill ass vill méi no bei ons. Dat ass dat vum Bankgeheimnis. Dat hu mer virun e puer Wochen hei an dëser Chamber ofgeschafft, mat 57 Stëmmen hu mer dat Bankgeheimnis ofgeschafft. An all Mënsch hat virausgesinn, wéi dat annoncéiert gi war virun 18 Méint, dass dat ganz schëllem Konsequenze fir eis Bankplaz kéint hunn. De Moment, et ass jo alles net fäerdeg, mä de Moment stelle mer fest, dass d'Zuel vun de Banken zu Lëtzebuerg an d'Luucht geet an dass d'Fongegeschäft nei Rekorder schléit!

Dir gesitt, mir sinn an deenen zwee wichtige Beispiller ganz gutt aus der Kris erauskomm.

Et ass awer och kloer, dass net nëmme d'Politik gefuerdert ass an esou schwéiere Situatiounen wéi déi, déi mer elo kennen. Och d'Entreprise si gefuerdert an all Eenzelnen ass gefuerdert! Mir müssen eise Businessmodell wahrscheintlech zu engem gewëssenen Deel iwwerdenken. D'Finanzplaz muss sech rüsten an a verschiddenen Domänen nei opstellen. A mir müssen nach vill méi proaktiv erausgoen. Dat ass eng Fro vun Image, mä et ass och eng Fro vun eis besser dobauss bekannt maachen.

Dofir hu mer och d'Moyenne vun der Luxembourg for Finance gestärkt. Ech war virun e puer Wochen a Brasilien. Vill Leit hu mech gefrot, ob et eng gutt Iddi wier, a Brasilien ze goen no der Sortie vun de LuxLeaks-Informatiounen. Ech kann lech soen, nodeem ech do war, dass et ideal war dohinnerzergoen, fir d'Bild ze redresséieren, fir sech kënnen ze verdeigen. Well wa mir keng Initiativ huelen, fir d'Bild ze redresséieren a Brasilien, ech soen lech, et ass soss keen do, deen dat an eiser Plaz mécht!

An dofir wëll ech soen: Mir sinn optimistesches a mir gleewen drun, dass eist Land sech verbessere kann. D'Regierung ass net do, fir de Stéllstand ze verwalten, si ass do, fir eist Land fir d'Zukunft fit ze maachen!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - An dofir hale mir dann un dëse Prognose fest.

Wat ass dann déi politesch Evolutioun gewiescht säit dem Dépôt vum Budget?

Do ass och viles geschitt. Fir d'Éischt emol, fir et ganz einfach auszedrécken, ass de Sozialdialog zu Lëtzebuerg relancéiert ginn. An ech wëll och soen: A mengen Aen ass dee Sozialdialog amgang, erëm wierklech ze funktionnéieren! Dat hunn och déi zwee Rapportere gutt an zu Recht ënnerstrach. De Fazit oder de roudue Fuedem an deem Accord mat de Syndikater ass ganz einfach: Mir sinn deene Schwächsten an der Gesellschaft entgéintkomm. An ech mengen, dat war dat Richtegt!

Elo kann ee sech awer froen: Wéi ass dat da méiglech gewiescht, dass een do nach e gewëssene Spillraum - finanzméisseg - fonnt huet? Eh bien, et muss een och Chance hunn am Liewen! Dir hutt matkritt an deene leschte Wochen, dass e Recalcul gemaach ginn ass vun eise Kontributiounen zu Bréissel an dass mer an deene Méint, déi elo kommen, wäerte vun der Europäescher Kommissioun ronn 90 Milliounen zrëckerstatt kréien. Déi 90 Milliounen sinn natierlech am gönschtege Moment komm. An dofir konnte mir och ouni den Équilibre vun der Finance publique a Fro ze stellen déi Accord mat de Syndikater huelen.

Wat steet dann elo an deem Accord mat de Syndikater dran?

Éischtens emol: Déi Kontributioun vun 0,5% ass verwandelt ginn an eng Steier. Do si vill

Leit, déi soen, dat wier kee groussen Ënnerscheid. Ech soen lech, et gëtt awer eng Rëtsch Ënnerscheeder. Deen éischten ass emol, dass mer konnten déi Steier esou gestalten, dass déi Schwächst, déi, déi keng esou breet Schëlleren hunn, dat net brauchen ze bezuelen, well jo de Mindestloun exonéiert gëtt vun dëser Steier.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Dat ass e Käschtepunkt vu 40 Milliounen.

Dat war bei der Kontributioun net méiglech, bei der Kontributioun ass de Rasonnement en aneren. An dat ass och den Ënnerscheid zwëschen der Steier an der Kontributioun. Eng Kontributioun, déi muss jiddweree bezuelen, par définition, well jiddweree profitéiert vun der Kontributioun. Bei enger Steier huet een d'Méiglechkeet, déi eng oder déi aner ze verdeelegen. An dat hu mer och gemaach.

Mir hunn déi Steier dann „impôt d'équilibre budgétaire temporaire“ genannt, fir ze weisen, dass mer déi Steier och onbedéngt brauche fir den Équilibre vun de Statsfinanzen.

Mä de Virdeel vun der Steier, dat ass en zweet Argument, ass, dass eng Steier generell ass: Wat mat deene Sue gemaach gëtt, dat kann een net novollzéien. Mä ech soen lech, dass mer dat, wat mer wëlles haten, dat heescht, d'Éducation vun de Kanner besser ze ëmgi mat neie Prestations, dass mer dat wäerten natierlech maachen. Méi Saachleeschungen fir eis Kanner wäerte mer doduerch kënnen maachen.

Aner Mesurë mat de Syndikater si folgend: Verschidde Mesuren, fir de Chômage ofzelindere, déi 2015 hätte sollen auslafen, ginn elo net automatesch ausser Kraaft gesat. Do gëtt en Dialog mat de Syndikater gemaach an op Basis vun der Situatioun vum Chômage décidéiert, ob een déi Mesuren effektiv ka fale loossen oder net.

Dat Zweet, wou mer eis eens gi sinn, dat ass, dass mer en Accord fonnt hunn, wéi een d'Reform vun der Aide au réemploi ka maachen. Dat ass eng Mesure, déi viru Jore geholl gi war, déi awer weinst Abusen net esou richteg gegräff huet, an déi gëtt elo verbessert.

Dat Drëtt, wat net vill ënnerstrach ginn ass, ass, dass mer en Accord mat de Syndikater fonnt hunn, fir d'Prétraite solidarité ofzeschaffen an engem Calendrier, dee mer mateneen ausgemaach hunn.

A leschte Punkt: Mir sinn eis eens ginn, dass de Congé parental misst flexibiliséiert ginn an dass och de Minimum, deen do soll bezuelt gi beim Congé parental, sollt op de Salaire social minimum ugepasst ginn.

All déi Mesurë kaschten am Joer 2015 19 Milliounen. Ech mengen, déi 19 Milliounen plus déi 40 Milliounen manner Recetten, dass dat eng responsabel Attitüd war. An ech si frou, dass eisen Dialogue social mat de Syndikater erëm revitaliséiert ginn ass!

Elo kommen ech op de Budget 2015 selwer an op den Zukunftspak an op de Pluriannuel zesummen ze schwätzen. Mir hunn Avisé kritt vum Conseil d'État, zwee Stéck, vun alle Chambres professionnelles, vun der Cour des Comptes, vun der Banque centrale a vum Comité olympique. Ech géif all hinne Merci soe fir hir Kontributioun. Do si ganz vill interessant Usätz dran.

E ganz besonnesche Merci un de Conseil d'État! De Conseil d'État huet wierklech Wonner gewierkt, fir dee ganzen Zukunftspak, awer och all déi Ännerungen, déi weinst dem Accord mat de Syndikater néideg waren, fir dat alles ze aviséieren. Mir hunn och alleguerten den Oppositions formelles, déi de Conseil d'État gemaach huet, Rechnung gedroen. An ech mengen, dat war och dat Richtegt.

Wann een elo all déi Avisé kuckt, gesäit een, dass déi Avisé sech an zwou Kategorie kënnen opdeelen. Déi eng - de Conseil d'État, d'Chambre de Commerce, d'Banque centrale, d'Cour des Comptes - soen der Regierung, dass de Spuerereffort net wäit genuch geet. Déi aner, haaptsächlech d'Chambre des Salariés an d'Chambre des Fonctionnaires, soen, dass mer vill ze vill spueren.

Et ass jo da kloer, dass d'Regierung sech do an der gëllener Mëtt befënn. An och déi Kritiken, déi gemaach gi sinn, dass dat net gerecht verdeelt gi wier, deen Effort, muss ech zrëckweisen. Mir hu wierklech alles gemaach, wat ee konnt maachen, fir dass jiddweree seng Kontributioun mécht, fir déi grouss Problematik, déi mir am Budget hunn, ze léisen.

Eng aner Saach, wou och d'Opinionen ausereeginn - dat eent war, wéi gesot, ze wäit oder net ze wäit am Spueren -, dat war, ob dat heiten en Austeritéitsbudget ass. Eh bien, ech mengen, do ass d'Antwort extrem einfach: An de Joren zwëschen 2015 an 2018 - vu dass mer jo e Pluriannuel hunn - ginn d'Dépenses zu Lëtzebuerg dann elo en moyenne plus 4% an

d'Luucht. Do kann ee jo mam beschte Wëllen net vun Austeritéit schwätzen!

An dat huet och den Deputéierten a Rapporteur Franz Fayot ganz gutt bewisen. D'Banque centrale seet dat iwwregens och! D'Banque centrale seet och nach eng aner Saach. Si seet nämlech, dass deen Taux vu ronn 4% vun Augmentatioun ëmmerhi wäit ënnert der Tendenz vun de leschte Jore läit, déi bei 5,5% louch. Dat heescht, mir sinn ënnert deene ganz héije Progressiounen vun der Vergaangenheet. Mä mir sinn awer nach ëmmer ganz däitlech am positive Beräich, soudass dëse Budget natierlech d'Croissance ënnerstëtzt. An dat gëtt vläicht am allerbeschte bewisen, wann een d'Investissementer kuckt.

ler ech awer iwwert d'Investissementer kucken, géif ech déi, déi nach ëmmer zweifelen drun, dass dat heiten e Croissancebudget ass, bieden, just nozekucken, wat d'Taux-de-croissances zum Beispill an eisen dräi Nopeschlänner sinn. An engem vun den dräi Nopeschlänner ginn d'Dépenses carrément erof. An an deenen aneren zwee ass d'Croissance vun den Dépenses tëscht 0% an 1%, maximal eent Komma eppes.

Wéi gesot, d'Investissementer, et ass vläicht eng vun den Haaptachse vun dësem Budget, gi ganz ambitiéis an d'Luucht. Si si schonn d'lescht Joer bal 10% an d'Luucht gaangen. Dat heescht, d'lescht Joer: dëst Joer, zwëschen '13 a '14, 10%. A se ginn d'nächst Joer ongeféier 15% erop a kommen op bal zwou Milliarden no dem Calcul SEC 2010.

Mir sinn do komplett en ligne mat deem, wat d'Kommissioun alleguerten den États membres vun der Union réit, an zwar, dass d'Investitiounen solle gestärkt ginn, fir d'Croissance an Europa ze stäerken. E gutt Beispill dovunner ass natierlech och de Juncker-Plang, dee jo virun e puer Woche lancéiert ginn ass, mat den 21 Milliarden. Dee soll fir méi wéi 300 Milliarde Projeten tätigen. Och Lëtzebuerg ass do natierlech derbäi.

De Statec huet berechent, dass den Zukunftspak 2015 en Impakt vu minus 0,3% op den Wuesstum hätt. Dat ass also net immens signifikativ. An dat gëtt natierlech contrebalancéiert vum Fait, dass mir esou vill investéieren. A wa mir investéieren, da setze mir d'Grundlag fir de Wuesstum vun der Zukunft.

Ee Punkt, deen ech erauspicken aus dem Avis vun der Chambre de Commerce, deen der Regierung recommandéiert, e besseren Taux d'exécution vun den Investissementer ze maachen an eng „feuille de route du mieux investir“, huet d'Cofibu och erméigelt an ënnerstrach. An ech wollt dat och positiv mat op de Wee huelen, fir dass d'Regierung kuckt, wéi se déi Virschléi kéint ëmsetzen.

Wat elo aner Akzenter am Budget ubelaangt, wollt ech justement illustréieren, dass et e Budget ass, wou och eng Rëtsch Dépenses an d'Luucht ginn. Mir hu jo vill vun den Dépenses geschwat, déi erofgesat ginn, mä a verschiddenen Domäne ginn d'Dépenses an d'Luucht.

Ech picken do e puer Ministère aus: Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, do ginn d'Kreditter 8% erop op 1,93 Milliarden. Am Enseignement supérieur et de la Recherche, do kritt de Fonds national de la recherche 15% méi Moyenen. An d'Uni kritt d'nächst Joer 12% méi Moyenen.

Dem Aarbechtsministère seng Kreditter ginn och signifikativ erop. Dat ass natierlech leider, well de Chômage och eropgeet. Dat ass eng direkt Antwort op de Chômage. Mä déi indirekt läit natierlech doran, dass mer méi an der Recherche investéieren, méi an der Éducation, well laangfristeg ass et esou, wéi een de Chômage erofkritt.

A leschtens, de Gesondheitsministère wiisst iwwer 10% an dee vum Logement ëm 11%. Dir gesitt, vun Austeritéit kann hei keng Ried sinn.

Nach eng Kéier wëllt ech e bëssen iwwert d'TVA schwätzen, déi jo awer déi Mesure ass, déi, wat d'Recetten ubelaangt, am meeschten erabrëngt. Fir ze rappelléieren, dass mer den Appelle vun den Investisseuren, awer och vun de Keefer nogelauschert hunn: Dir wësst, dass mer eng Mesure virgeschloen hunn - an zu där mer och stinn! -, dass den Taux super-réduit bei de Logementer reservéiert ass fir déi Wunnengen, wou ee selwer dra wunne geet, an dass da fir déi aner den Taux vu 17%, deen neien normalen Taux, applizéiert gëtt. Mä aus enger Rëtsch Iwwerleeungen eraus, éischten fir dem Secteur entgéintzekommen a fir de Leit Prévisibilitéit ze ginn, hu mer eng Période de transition vun zwee Joer virgesi bis Enn 2016, soudass all déi Projeten, déi nach dëst Joer ugefaange si ginn, nach kënnen vun deem niddrege Taux benefizéieren.

Ech muss soen, an ech soen et och ganz gär, dass d'Administration de l'Enregistrement particulièrement flexibel déi ganz Saach gehand-



habt huet. Verschidden Deeg si 600 Demanden erakomm bei der Administration de l'Enregistrement! An ech wéilt dës Geleëenheet ausnotzen, fir d'Équipe vun der Administration de l'Enregistrement hei Merci ze soen!

Ech wëll och nach eng Kéier insistéieren, dass d'Regierung och hei un déi geduecht huet, déi manner breet Schëlleren hunn, an dofir den Taux super-réduit bei 3% gelooss huet. A wa mer da kucken, wat alles ënnert den Taux vun 3% fält zu Lëtzebuerg, dat ass wierklech räichlech vill. Mir soen zwar ëmmer, et si Biens de première nécessité, mä et fale ganz vill Saachen dran: d'Kultur ganz vill, an och zum Beispill d'Restauration an d'Hotellerie. Do wëll ech ënnersträichen, dass déi bei 3% bleiwen, mat Ausnahm vum Alkohol! Dat ass deen niddregsten Taux vun der Eurozon.

A fir dann och nach e Wuert iwwert d'Kafkraaft ze soen, wou gesot gëtt, dass déi TVA esou en Aschnëtt géif maachen - wat ech net leengen! -, do wëll ech just soen, dass laut Eurostat am Dezember vun dësem Joer et sech erausgestallt huet, dass den Niveau de consommation individuelle hei zu Lëtzebuerg 35% méi héich ass wéi an der Moyenne vun der EU.

An dann ofschléissend zur TVA nach eng Kéier och: dass en fait dës Steuer, op d'mannst esou, wéi se zu Lëtzebuerg gehandhabt gëtt, eng ass, déi net sozial ongerecht ass! 50% vun der Hausse vun der TVA ginn effektiv vum Consommateur bezuelt. Mä déi aner Halschent gëtt bezuelt vum Stat, vun de Gemengen a vu verschiddenen Entreprises, déi d'TVA net kënne récupéieren. Dat sinn haaptsächlech d'Entreprises am Secteur financier an an den Assurances. Also, do hu mer schonn e gewëssenen Équilibre.

An da muss een awer och rappeléieren, dass den Index erëm voll spilt! Dat heescht, déi Augmentation gëtt jo da kompenséiert! Si gëtt allerdéngs relativ spët kompenséiert, wou-riwwer sech dann och erëm d'Entreprise kënne freeën, well déi niddreg Inflationsrat, déi mer elo kennen, fiedert natierlech déi Hausse vun der TVA of. An et ass en fait an där Hisiicht eng gënschteg Konjunktur, fir esou eng Hausse vun der TVA ze hunn.

Wou lande mer dann elo en termes vun Zifferen mat all deene Mesuren an Evolutions, déi ech elo grad beschriwwen hunn? Ouni Zukunftspak, ouni Reduktioun vu verschiddenen Dépenses wier den Defizit vun der Administration centrale - also op Lëtzeburgeresch: den Zentralstat - bei 1,6 Milliarden Euro gewiescht! Mir bréngen et fäerdeg, fir dësen Defizit 2015 op 875 Milliounen erofzedrécken. Et ass bal eng Halbierung.

Deeselwechten Zentralstatdefizit geet dann erof an de Joren 2016 op 600 Milliounen ronn, 2017 op 500 Milliounen ronn, a mir sinn 2018 ganz no beim, net méi wäit vum Équilibre.

Gradesou wichteg ass, dass mer eisen Objectif à moyen terme, deen eis de Pacte de stabilité et de croissance gëtt, an der ganzer Period anhalen. Deen Objektiv ass 0,5% strukturell. A mir leien an där ganzer Period ronderëm déi Ziffer.

Da wéilt ech nach eng Kéier - ech maachen dat regelméisseg, wann ech iwwert de Budget schwätzen - drop insistéieren, dass grad zu Lëtzebuerg den Zentralstat déi Plaz ass, wou mer musse kucken. D'Banque centrale seet näischt anescht, wa se seet: «Les déficits (...) au niveau de l'Administration centrale constituent une spécificité structurelle (...) du Luxembourg. La logique des normes européennes (...) contribue (...) à donner une image positive des finances publiques luxembourgeoises. Cette analyse ne doit cependant pas induire en erreur.»

De Conseil d'État seet datselwecht. De Rapporteur huet dat och ënnerstrach. Anescht ausgedréckt: Den Defizit vum Zentralstat kann net mat dem Iwwerschoss vun der Pensionskasse kompenséiert ginn! Fir et nach méi kloer ze soen: Mir kënnen eis lafend Käschte beim Stat net mat de Reserve vun eise Pensionen bezuelen!

Den Defizit vun der Administration centrale ass och zum Deel drop zréckzuféieren, dass mer ganz héich Transferten hunn un d'Sécurité sociale an och ganz héich Transferten hunn un d'Gemengen.

Dat erlaabt mer dann, och e Wuert iwwert d'Gemengen ze soen. Et ass ganz kloer, dass den Zukunftspak an all déi Mesuren net konnte gemaach ginn ouni eng Kontributioun vun de Gemengen. D'Gemege si jo och am Calcul dra vun de gesamte Statsfinanzen. Mir hunn awer och gesuergt, dass den Effort vun de Gemenge rasonabel soll sinn.

Ech wëll just zwee Projeten ervirsträichen: Deen ass de Projet vun der Reform vun de Rettungsdéngschter a vun de Pompjeeën, wou ech wierklech mengen, dass d'Regierung do eng extrem gutt Proposition gemaach huet,

andeem se déi additionell TVA, déi soss bei d'Gemege komm wier, ofgezweigt huet, fir zesumme mat de Gemengen déi Rettungsdéngschter an d'Pompjeeën ze professionaliséieren. Ech fannen dat eng exzellent Synergie vu Stat a Gemengen. An domat leeschte mer, mengen ech, och de Bierger an de Gemengen e groussen Déngscht.

Dat Zweet ass, dass déi méi räich Gemege gebiede ginn, e bësse méi an de Fonds pour l'Emploi ze kontribuéieren. Domat kommen déi méi räich Gemengen deene méi klengen entgéint an och dem Chômage entgéint.

Kënnen d'Gemengen dat dote packen? Mir mengen schonn. Well mir hunn och gekuckt, wéi d'Recettë vun de Gemengen an deenen nächste Jore wuessen. Am Joer 2015 wuessen d'Recetten iwwert de Fonds communal de dotation financière an iwwert den Impôt commercial ëm 2,8%. An d'Croissance vun de Recettë bei de Gemengen an de Joren duerno ass de Moment ageschat bei ronn 6% méi. Ech mengen, dass een also ka soen, dass d'Resource vun de Gemege geséichert sinn an an d'Luucht gi fir d'Zukunft an dass dofir hire Baitrag berechtigt ass - an awer och apprécieiert ass vun der Regierung.

Vun der Sécurité sociale, vun där gëtt en fait am Zukunftspak net vill geschwat. An et ass am Fong geholl e bësse schued, well en fait och d'e groussen Effort gemaach gëtt, an zwar a folgend Richtung: Den Excédent, deen ech virdu genannt hunn, deen hu mer jo an der Pensionskasse. Deen Excédent wiisst och weider, well mer nach weider Emploie schafen - Gott sei Dank! -, d'nächst Joer wahrscheinlech 2% méi Aarbechtsplazen, netto.

Mä déi aner Branche vun der Sécurité sociale, deene geet et net onbedéngt esou gutt, an do muss ech kucken, dass een en Équilibre hält. An dofir sinn am Zukunftspak déi dräi Regimes Maladie, Fleegeversicherung an Assurance accident gebieden, eng Rëtsch Milliounen ze spueren. An den Total vun dëse Mesuren ass 45 Milliounen am Joer 2015. Dat ass e groussen Effort! A wann een dat cumuléiert bis 2018 kuckt, sinn dat 95 Milliounen.

D'Stabiliséierung vun deene Regimes ass extrem wichteg fir Lëtzebuerg. Well doduerch, dass déi Assurances équilibréiert sinn, brauche mer d'Contributionen weder fir d'Entreprises nach fir d'Leit an d'Luucht ze setzen. An dat ass e ganz wichtigen Avantage compétitif vun eise Land.

Wann ech elo d'Gesamtbild kucke vun der Administration publique, dat heescht d'Administration centrale - den Zentralstat - plus d'Gemege plus d'Sécurité sociale, wat ass dann d'Resultat? Wa mer näischt gemaach hätten, hätte mer en Defizit vu minus 1,3% vum PIB gehat. A mir landen elo op minus 0,2% vum PIB! Dat heescht, mir hunn en Effort d'ajustement gemaach vun eppes méi wéi 1% vum PIB. An dat maache mer schonn am Joer 2015! De Gesamteffort bis 2018 ass 1,7% vum PIB.

Dir gesitt, mir hunn also de Gros vum Effort schonn op 2015 gesat. Dat ass, wat een op Englisch den „frontloading“ nennt. An dat ass och gutt, dass mer dat gemaach hunn, well déi Mesuren, déi mer schonn 2015 huelen, déi spille jo dann op der ganzer Period a maache wouer, dass mer en fait an deenen anere Jore manner Efforte musse maachen.

Fir komplett ze sinn, muss ech lech och drop hiweisen, dass d'Chambre - an Dir wësst dat - de Budget stëmmt no der Comptabilité nationale, wat eng Kontabilität ass, wou vill manner Saachen dra si wéi an der Comptabilité européenne no de Bréisseler Regeln. A wann een dat dann elo kuckt an och den Accord mat de Gewerkschaften do integréiert, da komme mer op folgend Resultat: 2015 kréie mer dann en Defizit no Lëtzeburger Kontabilitätsregele vu minus 568 Milliounen Euro. Dee geet 2016 erof op minus 416. E geet weider erof 2017 op minus 326 an 2018 si mer da bei minus 76 Milliounen Defizit.

Dir gesitt, mir si praktesch dann am Équilibre. An dat ass, mengen ech, och dat, wat ee muss vun all deenen Zifferen verhalen. Doduerch, dass eisen Defizit regelméisseg erofgeet, wäerte mer 2018 an déi Joren duerno ganz weeneg additional Schold musse maachen.

Ech wëll och drop hiweisen, dass mer 2014 keen Emprunt opgehall hunn, iwwerhaupt keen! Mir hunn allerdéngs de Sukuk lancéiert. De Sukuk hu mer gemaach weinst der Diversifikation vun der Place financière, doduerch, dass mer en Emprunt vun 200 Milliounen gemaach hunn, dee konform ass mat de Regele vum Islam. An deen hu mer och ganz gutt placéiert.

A wa mer elo d'Situation vun der Schold kucken op der ganzer Period, kann ee soen, dass 2015 d'Schold wäert ronn bei 24% vum PIB leien, a si wäert an der Period duerno stabil bleiwen oder licht erofgoen. Ech mengen, do-

mat hu mer gutt geschafft. Domat garantéiere mer, dass mer den Triple-A behalen.

Den Triple-A soll een net als eppes Fetischisches ukucken, mä als eppes, wat wichteg ass a gutt ass fir eist Land! Fir d'Eischt emol kënne mer méi bëlleg léinen, zweetens kënne mer méi Investisseuren op Lëtzebuerg kréien an drëtters ass et gutt fir eisen Image dobaussen.

Mir mengen, dat wier eng Selbstverständlechkeet, en Triple-A ze hunn! Dir hutt jo..., et huet bal kee Mënsch méi den Triple-A! Mä mir sollen eis awer och net schummen, dass mir en hunn!

Da wéilt ech op zwou grouss Innovationen insistéieren, déi an dësem Budget dra sinn. An ech mengen, dat si wierklech zwou grouss Innovationen! Déi éischt ass de Fonds souverain. Deen ass vill kommentéiert ginn. Verschidener fannen, dass en ze kleng ass. A meeschtens sinn déi, déi fannen, dass en ze kleng ass, déi, déi ni ee wollte maachen!

(Hilarité)

An déi, déi en ebe gemaach hunn, jo...

(Interruption)

...an dofir soen ech: Mir fänken ebe kleng un! Mir fänke kleng un, well mer de Moment net esou gutt drop sinn!

(Hilarité)

Näischt verhënnert jo och, dass an den...

(Interruption)

Näischt verhënnert jo och, dass mer an den nächste Jore méi maachen. A mir kënne jo dee Fonds alimentéiere mat anere Recettë wéi déi, déi virgesi si vun den Akzisen um Bënsin a vun der TVA électronique. All aner non récurrente Recette ka jo d'Regierung décidéieren, an de Fong ze setzen.

Eng aner Kritik, déi komm ass, déi ech mer erwaart hat, dat ass, fir ze soen: „Mir maachen e Fonds souverain, obwuel mer verschëllt sinn. Mir verschëllen eis also, fir e Fonds souverain ze maachen.“ Déi Kritik wier richteg, wa mer net den Zukunftspak gemaach hätten, wa mer net elo de maniere pluriannuelle géifen op den Équilibre kommen. Dat heescht, mir speisen de Fong elo all déi Joren an zum Schluss si mer nawell am Équilibre!

An dann, dat Allerwichtigst: Et ass e Mentalitéitswiesell! Dass de Stat... An ech soen dat net, well ech de Stat net gär hunn, ech hunn de Stat ganz gär! Ech soen dat net aus ideologesche Grënn, ech soen dat just aus Familljegrënn. De Stat, déi Suen, déi e kritt, déi sinn net nëmme fir déi, déi haut hei liewen! Déi sinn och do fir déi nächst Generationen. An dofir hu mer dee Fonds gemaach. Dofir hu mer en och „intergénérationnel“ genannt. An ech mengen, doduerch, dass mer dee Fong grënnen, si mir responsabel fir déi nächst Generationen. An do rejoignéieren ech erëm eng Kéier d'Wuert, wat de Rapporteur Fayot vill gebraucht huet.

Déi zweet Erneuerung ass vläicht net esou eng erfreesch, mä et ass awer eng ganz wichteg. Dir hutt verstanen, ech schwätze vun de Rulingen. Am Kader vum Zukunftspak hunn ech do eng Mesure drageschriwwen, dass mer sollen déi Rulingen an d'Gesetz verankeren.

Ech muss lech éierlech soen, ech hunn dat nach am Public net gesot: Et sinn net vill Leit, déi mir geroden hunn, dat ze maachen. Ech stoung do e bëssen eleng! Net an der Regierung! Mä ech stoung awer e bëssen eleng do. A wéi ech déposéiert hunn, hunn ech och vill Kritik kritt. Ech hunn et versicht ze erklären, firwat ech gemengt hunn, dass dat gutt wier. Natierlech huet d'Ambiance komplett changéiert: No LuxLeaks 1 huet all Mënsch genial fonnt, dass mer dat drän hätten.

Ech wollt hei ënnersträichen, dass d'Regierung anticipéiert huet. An déi Anticipation war wesentlech an där heiter Saach. Wa mer dat net gemaach hätten, dann hätte mir elo op den 1. Januar keng Verankerung vun eiser Prozedur am Gesetz. Dann hätte mir net d'Transfertestpraiser-Referenz un d'OCDE an eise Gesetz. Mir hätten net eng Rulingskommission, déi mer dann op den 1. Januar fonctionnéieren doen. Mir hätte keng anonymiséiert Publikation vun de Rulingen, wat esou wichteg ass, fir eng Kredibilitéit no baussen ze maachen.

Mir waren an dëser Démarche, mengen ech, och nach virsichteg, well mir hunn en fait, zu engem gewëssenen Deel, de Gros vun der Pratique administrative iwwerholl. Mä wéi gesot, déi Innovation vun der Rulingskommission, déi d'Avisen da gëtt op allen Décisions anticipées, wou mer dann eng Harmonisation vun der Interpretation kréien, déi Publikation, an déi drëtt Innovation, dass och elo eng Redevance bezuelt gëtt fir déi Avisen, all déi Mesur wäerten och mat sech bréngen, dass mer manner Rulingen an Zukunft wäerten hunn - wat wahrscheinlech keng schlecht Evolution ass -,

mä awer nach ëmmer Rulinge wäerte maachen, well eis Wirtschaft brauch se!

A mir wäerte se och weider fir Privatpersounen maachen, ech wëll dat just hei ënnersträichen. Dat ass ni a Fro gestallt ginn, dat gëtt et schonn an dat maache mer weider! Well dat vill kommentéiert ginn ass - mir bleiwen do bei eiser aler Tradition, dass dat fir Gesellschaften a Privatpersounen méiglech ass.

Da wëll ech hei nach ënnersträichen, dass mer u sech gutt berode waren, déi Rulingprozedur an d'Gesetz ze schreiwen, mä dass mer och gutt berode waren, fir de Secret bancaire ofzeschaffen, an deem heite Kontext. Mir ware gutt beroden, dass mer déi Efforte gemaach hunn, fir dem Forum mondial gerecht ze ginn am Échange d'informations sur demande.

Ech froe mech, wéi eist Bild gewiescht wier, wa mer dat net scho virdu, viru LuxLeaks gemaach hätten! Well ech hu plädéiert, d'Regierung huet plädéiert, och bei deenen anere Länner, dass Lëtzebuerg bougéiert. Jo, wa mer dat alles net gemaach hätten, dann hätten keen ons dat ofgehall! Dann hätten jiddweree gesot: „Jo, Dir wäert an der Zukunft bougéieren, ënnert dem Drock!“ Mä domat hu mer gewisen, dass mir schonn amgang sinn, ons ze reforméieren.

Dofir sinn ech och esou frou, fir lech haut hei ze soen, dass dat och seng Friichten dréit. Ech krut elo ganz rezent vu mengem italieneschen Homolog, dem Finanzminister Padoa-Schioppa, eng E-Mail, déi mer gesot huet, dass Lëtzebuerg elo an Italien vun der schwaarzer Lëscht ewechkomm wier. Do kämpfe mer säit Joren, fir dat fäerdegzebréngen! Dat hu mir dëst Joer fäerdegbruecht.

Last but not least, zu de Rulingen an zu där ganzer Problematik vun de Steieren: Wat mir gär errechen, an dat ass eis ganz Strategie fir d'Zukunft, dat ass, dass a Steuerfroen en „level playing field“ kënnt. Wat heescht dat? Majo, dass déiselwecht Regele fir jiddwereen zielen. A wann déiselwecht Regele fir jiddwereen zielen, fir déi kleng Länner a fir déi grouss Länner, da ka Lëtzebuerg seng Trompen ausspillen.

Ee Wuert, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, zur Steuerpolitik: Ech hunn déi dëst ganz Joer net wëlle mam Budget vermëschen. Et besteet zwar e Lien, mä et hätt kee Wäert gehat, grouss Rieden oder Akzente ze setzen, wann een net weess, wou een higeet. Wa mer elo muer dee Budget hei stëmmen an och dann de Pluriannual zur Kenntnis huelen an och stëmmen, da kenne mer jo d'Eckwäerter vun eise Budget. An da kënne mer och Berechnungen maachen, fir eng Projektion an d'Zukunft ze maachen, fir ze kucken, wou de Sputt läit, wou d'Evolution leien, fir eise Steuersystem besser, méi gerecht a méi effikass ze maachen. Ech wäert dat och am Zesummespill mam Parlament, mat der Cofibu a mat de Sozialpartner maachen.

Wat sinn elo déi nächst Etappen an der Budgetreform?

De Projet nouvelle génération ass jo dëst Joer ugaangen an ass vun den zwee Rapporteurs ganz positiv kommentéiert ginn. Do ware vill Aarbechtsgruppen. Eh bien, déi bestinn nach ëmmer an déi wäerte weider fonctionnéieren. Wann een e Modell huet, dee fonctionnéiert huet, da soll een dee weider gebrauchen. D'Émsetze vum Zukunftspak bréngt jo och mat sech, dass nach vill Aarbecht virun eis läit. An déi Aarbechtsgruppe wäerten eis doranner hëllef, och fir déi Mesuren auszerechnen, fir ze wëssen, wéi vill se dann erabréngen a Spuermoossnamen oder a Recetten.

Dës Regierung huet et virgezunn, fir alles op den Dësch ze leeën! Och d'Mesuren, déi an den nächste véier Jore gemaach ginn. Esou eng Transparenz hate mer scho laang net méi. Ech weess och net, ob se an den anere Länner esou gehandhabt gëtt. An dofir weisen ech déi Kriticken zréck, déi soen, dass verschidde Mesuren, déi eréischt an engem, zwee, dräi Jore kommen, net prezis genuch chiffriert wieren. Ma mir hunn nach dat ganz Joer 2015, fir déi ze chiffrieren a fir eis Aarbecht ze maachen a fir d'Gesetz ze änneren a fir d'Règlement-grand-ducallen ze änneren! Loosst dës Regierung emol schaffen, déi mécht dat schonn!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- De Fait, dass mer alles op den Dësch geluecht hunn, huet och eisen Dialog mat de Syndikater erliichtert. D'Syndikater wësse genau, wat mer wëlles hunn. An ech wëll soen, d'Patronen och, d'Entreprises och! An ech mengen, dass dat déi richteg Approche war an ass!



Zwou Neiegkeeten: Déi eng ass gemaach, déi aner ass am Kommen. Mir hunn am Gesetz vum Juli vun dësem Joer den Traité budgétaire ugeholl an do virgesinn, dass mer e Conseil national des finances publiques schafen. Deen ass an der Tëschenzäit gegrennt ginn. D'Parlament, d'Chambre des Députés huet zwee Leit dra genannt. An et si fënnef anerer vu verschiddenen Institutionen dra genannt ginn. Et sinn also siwe Memberen. Si sinn am Oktober fir d'Éischt zesummekomme, si hu sech e President ginn an der Persoun vum Romain Bausch, deen iwwregens och ee vun den zwee Kandidate war, déi vun der Chambre des Députés proposéiert waren.

Ech géif gär den deene siwen, déi dat jo op volontäirer Basis maachen, schonn elo Merci soe fir hir Aarbecht a freeë mech op hir Kommentaren. Vläch an engem Joer freeën ech mech manner op hir Kommentaren, mä dat gesi mer dann. Mä dat ass jo virgesi vun den europäesche Regeln, dass all Land sech esou e Conseil national des finances publiques soll ginn. An dat ass e wäertvollen Outil, mengen ech, fir d'Regierung, awer och fir d'Parlament.

Dat Zweet ass de Comité de prévision. Dee gëtt et an dee soll reforméiert ginn an institutionaliséiert ginn. Dat ass och e Wunsch, dee vun de Rapporteurs ausgedréckt ginn ass, deem ech voll Rechnung droen. An dat wäert och an den nächste Méint geschéien.

D'Konklusioun, Här President, am Zukunftspak hu mer eis véier Prinzipie ginn: Dat Éischt ass, mir wollte responsabel mat de Steiersuen ëmgoen. Zweetens, mir wollte fair a gerecht si mat den Ausgaben a mat de Recetten. Mir wëllen e méi effizienten a méi moderne Stats-apparat. An: Mir wëllen déi nei Politik vun dëser Regierung ëmsetzen!

Mir hunn den Dialog mat de Syndikater elo erëm fit gemaach. Mir mussen dat a mir wäerten dat och gläich mam Patronat maachen, well de Sozialdialog ass an dëser Period grad wichteg! A mir gesi jo och, dass de Sozialdialog eppes mat sech bréngt, wat mer all ze schätze wëssen, dat ass de soziale Fridden. A soulaang mir dat fäerdegbréngen, deen ze hunn, si mer deenen anere wäit viraus.

Här President, zum Schluss, d'Land steet viru groussen Erausforderungen a grouse Risiken. Mä mir sinn optimistesches, well mir u Lëtzebuerg gleewen. Mir sinn och optimistesches, well mat deem Pak, dem Zukunftspak, mat deene Budgeten alleguerten, déi mer hei déposéieren, kréie mir eis Statsfinanzen erëm an d'Gläichgewicht. Domat séchere mir, dass mir den Triple-A behalen. An den Triple-A, dat ass an dëser Zäit, wou eisen Image esou vill ugegraff gëtt, eis Visitékaart dobausse fir gesond Statsfinanzen an heiheim de Garant fir de Sozialstat, dee mir wëlle fir d'Zukunft finanzéieren a garantéieren.

Ech soen lech Merci!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Finanzminister. Mir géifen dann elo weiterfuere mam Ordre du jour.

(**Interruption**)

Jo, Här Mosar, eng...

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Jo, et wär fir den Dépôt vun enger Motioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dir hutt d'Wuert.

3. Dépôt d'une motion par M. Laurent Mosar

► **M. Laurent Mosar (CSV), auteur.** - Jo, Här President, Dir Dammen an Häre vun der Regierung, léif Kolleegen, ech hunn d'Wuert gefrot, fir den Dépôt vun enger Motioun ze maachen iwwert d'Reconnaissance vu Palästina. An zwar ass an de leschten Deeg, ganz besonnesch an der leschter Nuecht, zu Bréissel vill geschitt, wat mir begreissen! Well Dir wësst, fir eis war et ëmmer wesentlech, datt mer an där extrem wichteger Fro vu Palästina géifen eng eenheetlech Positioun fannen. An do ass et esou, datt haut d'Europaparlament wäert mat enger riseger Majoritéit eng Motioun iwwert d'Unerkennung vu Palästina ofstëmmen.

A ganz genau deeselwechten Text vun där Motioun wëll ech elo hei am Numm vun der CSV déposéieren, andeem ech lech natierlech alleguerten häerzlechst invitéieren, déi Motioun mat ze ënnerzeechnen.

Motion

sur la reconnaissance de l'État palestinien

La Chambre des Députés,

- vu les résolutions antérieures du Parlement européen sur le processus de paix au Proche-Orient,

- vu les conclusions du Conseil «Affaires étrangères» du 17 novembre 2014 sur le processus de paix au Proche-Orient,

- vu les déclarations de la haute représentante/vice-présidente sur l'attaque de la synagogue Har Nof le 18 novembre 2014 et l'attentat terroriste à Jérusalem le 5 novembre 2014, ainsi que la déclaration du 10 novembre 2014 du porte-parole de la haute représentante de l'Union sur les dernières évolutions au Proche-Orient,

- vu l'annonce du Gouvernement suédois concernant la reconnaissance de l'État palestinien le 30 octobre 2014, ainsi que les reconnaissances antérieures par d'autres États membres avant leur adhésion à l'Union européenne,

- vu les résolutions sur la reconnaissance de l'État palestinien adoptées par la Chambre des communes du Royaume-Uni le 13 octobre 2014, le Sénat irlandais le 22 octobre 2014, le Parlement espagnol le 18 novembre 2014, l'Assemblée nationale française le 2 décembre 2014 et l'Assemblée portugaise le 12 décembre 2014,

- vu le droit international,

- vu l'article 123, paragraphes 2 et 4, du règlement du Parlement européen,

A. considérant que l'Union européenne a maintes fois confirmé son soutien à la solution fondée sur les deux États, sur la base des frontières de 1967, avec Jérusalem pour capitale des deux entités, à savoir un État d'Israël dont la sécurité est assurée et un État de Palestine indépendant, démocratique, d'un seul tenant et viable, vivant côte à côte dans la paix et la sécurité, et a appelé à la reprise de pourparlers de paix directs entre Israël et l'Autorité palestinienne;

B. considérant que la recherche d'une paix juste et durable entre Israéliens et Palestiniens est une préoccupation majeure pour la communauté internationale, y compris l'Union européenne, depuis plus d'un demi-siècle;

C. considérant que les pourparlers de paix directs entre les parties sont au point mort; considérant que l'Union a engagé les parties à prendre des mesures susceptibles de créer un climat de confiance, nécessaire à de véritables négociations, à s'abstenir de toute action qui compromettrait la crédibilité du processus et à prévenir toute incitation à la violence;

D. considérant que dans sa résolution du 22 novembre 2012, le Parlement européen a souligné que seuls des moyens pacifiques et non violents permettront de parvenir à une paix juste et durable entre Israéliens et Palestiniens, a appelé à la création de conditions permettant la reprise de pourparlers de paix directs entre les deux parties, a appuyé dans ce contexte le souhait palestinien de devenir observateur non membre des Nations Unies, y a vu une étape importante pour donner davantage de visibilité, de force et d'efficacité aux revendications palestiniennes et a invité, à cet égard, les États membres et la communauté internationale à trouver un accord dans ce sens;

E. considérant que l'Assemblée générale des Nations Unies a décidé, le 29 novembre 2012, d'accorder à la Palestine un statut d'État observateur non membre aux Nations Unies;

F. considérant que la reconnaissance de l'État de Palestine relève de la compétence des États membres;

G. rappelant l'engagement de l'OLP de reconnaître l'État d'Israël depuis 1993;

invite le Gouvernement

1. à reconnaître en principe l'État palestinien et à appuyer la solution fondée sur les deux États, et à estimer que celles-ci devraient aller de pair avec le processus des pourparlers de paix, qui devrait être mis en marche;

2. à soutenir les efforts que consentent le président Abbas et le Gouvernement d'union nationale palestinien; à souligner à nouveau l'importance de consolider l'autorité du Gouvernement d'union nationale palestinien et de son administration dans la bande de Gaza; à exhorter toutes les fractions palestiniennes, y compris le Hamas, à accepter les engagements de l'OLP et à mettre un terme à leurs divisions internes; à appeler à maintenir l'aide et l'assistance de l'Union au renforcement des capacités institutionnelles palestiniennes;

3. à se dire gravement préoccupé par l'accroissement des tensions et par la montée de la violence dans la région; à condamner de la manière la plus ferme tous les actes de terrorisme ou de violence, et à présenter ses condoléances aux familles des victimes; à mettre en garde contre les risques d'une nouvelle escalade de la violence impliquant des lieux saints, qui pourrait transformer le conflit israélo-palestinien en un conflit religieux; à inviter les dirigeants politiques de tout bord à

œuvrer de concert et par des mesures visibles pour apaiser la situation et à souligner que seuls des moyens non violents et le respect des droits de l'Homme et du droit humanitaire permettront de parvenir à une solution durable et à une paix juste et durable entre Israéliens et Palestiniens; à insister sur le fait que toute action violente ne peut qu'attiser l'extrémisme des deux côtés; à engager toutes les parties à s'abstenir de tout acte susceptible d'aggraver la situation, que ce soit sous forme d'incitations à la violence, de provocations, de recours excessif à la force ou de représailles;

4. à souligner également que les actions qui remettent en question les engagements pris en faveur d'une solution négociée doivent être évitées; à souligner que les implantations sont illégales au regard du droit international; à inviter les deux parties à s'abstenir de toute action susceptible de compromettre la viabilité et les chances de la solution fondée sur deux États;

5. à réaffirmer son appui sans réserve à la solution des deux États, sur la base des frontières de 1967, avec Jérusalem pour capitale des deux entités, à savoir un État d'Israël dont la sécurité est assurée et un État de Palestine indépendant, démocratique, d'un seul tenant et viable, vivant côte à côte dans la paix et la sécurité, en vertu du droit à l'autodétermination et dans le strict respect du droit international;

6. à se féliciter de la récente visite de la haute représentante/vice-présidente en Israël et en Palestine, ainsi que de son engagement à prendre des initiatives dans un processus positif visant à rompre le cercle du conflit et à créer les conditions pour accomplir de véritables progrès dans le processus de paix; à estimer que l'Union européenne doit prendre ses responsabilités et devenir un véritable acteur et un médiateur dans le processus de paix au Proche-Orient, notamment compte tenu de la nécessité d'une reprise des pourparlers de paix, y compris au moyen d'une approche commune et d'une stratégie d'ensemble en vue d'une solution au conflit israélo-palestinien; à répéter qu'une approche diplomatique, sous l'égide du Quatuor pour le Proche-Orient, est nécessaire et à rappeler l'importance de l'Initiative de paix arabe;

7. à inviter la haute représentante/vice-présidente à faciliter une position commune de l'Union européenne à cet égard;

8. à souligner la nécessité d'une paix globale qui mette un terme à toutes les revendications et réponde aux aspirations légitimes des deux parties, notamment celles des Israéliens en matière de sécurité et celles des Palestiniens en faveur de la constitution d'un État palestinien; à souligner que la seule solution possible au conflit est la coexistence de deux États, à savoir Israël et la Palestine;

9. à appuyer l'initiative intitulée «Parlementaires pour la paix» visant à rapprocher les parlementaires européens, israéliens et palestiniens de tous les partis en vue de contribuer à la mise en œuvre d'un agenda pour la paix et de compléter les efforts diplomatiques de l'Union.

(s.) Laurent Mosar.

Ech wëll och direkt soen, déi Motioun gëtt gedroen am Europaparlament vun der EVP, vum sozialistesche Grupp, vum grénge Grupp, vum lénke Grupp a vum liberale Grupp an esouguer och vun den Englesch-Konservativen. Dat heescht, quasiment all Gruppen deelen dat an hunn déi Motioun do mat ënnerschriwwen.

Ech géif lech elo froen - mir komme jo herno an der Diskussioun vun der Motioun nach eng kéier dodrop zrëck -, datt mer dës Diskussioun vun dëser Motioun bien entendu géife liéiere mat der Diskussioun vun der Motioun vun der Majoritéit.

An ech géif och froen, Här President, vu datt dat hei elo eng zweet Motioun ass, datt mer do e bësselche méi Zäit kréien. Ech sinn de toute façon der Iwwerzeugung - dat hei ass esou e wichtige Sujet an esou eng wichtige Debatt, déi an anere Parlamenten an enger grousser Debatt, déi laang gedauert huet, behandelt ginn ass -, datt Der hei net sollt knausereg si mat der Zäit, mä de Gruppen déi néideg Zäit ginn, fir och hei hir Argumenter ze échangéieren.

Ech wäert dann och nach méi am Detail herno op eis Motioun zrëckkommen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

4. Ordre du jour

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Mosar. Ech gesi kee Problem, fir der Proposition Rechnung ze droen, dass mer déi zwou Motiounen kënne mateneen diskutéieren. Ech gesinn och kee Problem, dass mer doduerch, dass mer a Präsenz vun zwou Motiounen sinn, grousszügig si mat der Zäit.

Mir kënne selbstverständlech och, wann dat d'Unanimitéit ass hei an der Chamber a vun

der Presidentekonferenz, vun där d'Membere jo alleguer an dëser Chamber sëtzen, vläch den Modell kumuléieren an dann hu mer d'Riedezäit verdeubelt. Da géif ech mengen, dass mer awer missten eens ginn. A wann de fréiere President un de jëtzege President appelleiert, fir grousszügig mat der Zäit ze sinn, da wäert ech em och follegen.

► **Plusieurs voix.** - Ooh!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Voilà, dat gesot,...

(**Interruption**)

...géife mer dann elo zu der Diskussioun vun de Motiounen iwwergoen an ech géif den Auteur vun där éischter Motioun, den Här Angel, bidden, d'Motioun ze presentéieren.

Fir lech et nach eng kéier ze soen: Mir sinn dann elo am Modell, wou déi klassesch Fraktiounen zéng Minutten hunn, déi méi kleng Sensibilitäten der fënnef hunn an d'Regierung och zéng Minutten Zäit huet, fir hir Positioun ze erklären an drop ze äntwerten.

Voilà, Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

5. Motion de M. Marc Angel relative à la reconnaissance formelle de l'État de Palestine dans les frontières de 1967 uniquement modifiées moyennant accord des deux parties, au moment qui sera jugé le plus opportun

Motion de M. Laurent Mosar relative à la reconnaissance en principe de l'État palestinien et à l'appui d'une solution fondée sur les deux États dans le cadre d'une mise en marche d'un processus de pourparlers de paix

Exposés

► **M. Marc Angel (LSAP), auteur.** - Jo, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll just fir d'Éischt preziséieren, dass ech net eleng Auteur si vun dëser Motioun, mä dass dat eng Motioun ass, déi ech am Aklang mat de Koalitionspartner gemaach hunn, mat de Vertrieeder vun der DP a mat de Vertrieeder vun déi gréng. An déi Lénk hu sech an der Kommissionssëtzung de leschte Freideg och dëser Motioun ugeschloss an hunn hir Motioun zrëckgezunn.

Mir haten de 25. November hei eng laang Deklaratioun vum Ausseminister, wou en och en détail op den Israel-Palästina-Konflikt agaangen ass. An deem Dag drop konnten d'Parteien hei an engem ganz grousszüege Riednermodell zu där Deklaratioun Stellung huelen an och all Partei huet sech kloer ausgedréckt, wat Israel a Palästina ubelaangt, an huet et och begréisst, dass a villen - vill Parteien hunn et begréisst -, dass a villen nationale Parlamenten déi Debatt geféiert gëtt.

Duerfir begreissen ech och haut, dass am Europaparlament - an et ass och interessant -, dass do doriwwer debattéiert gëtt. Mä dat ass éischter e symboleschen Akt, deen am Europaparlament gemaach gëtt, well et ass genau an den nationale Parlamenten, et sinn d'national Länner, d'Regierungen, déi d'Déciounen ze huelen hunn. Duerfir fannen ech et och gutt, dass mir hei als nationaalt Parlament, wéi ganz vill aner national Parlamenten, eng Resolutioun (veuillez lire: eng Motioun) ofstëmmen.

Fir d'LSAP ass et wichteg ze ënnersträichen, dass d'Unerkennung vu Palästina wichteg ass fir d'Zweistateléierung, dat ass selbstverständlech. Och d'Existenzrecht vun Israel ass fir eis selbstverständlech onwidderrufflech. An Zweestateléierung heescht, dass d'Palästinenser würdevoll an hirem eegene Land, an engem demokrateschen, souveräne Land liewe kënnen, an dass och Israel a Sécherheet bestoe kann.

Fir eis ass et och wichteg, all Aktiounen ze condemnéieren - vu béide Säiten! -, déi engem nohaltege Fridde vun der Zweestateléierung entgéintwierken. Dat ass net akzeptabel.

D'Basis fir de Fridden am Mëttleren Osten ass also déi Zweestateléierung, an duerfir ass et wichteg, dass mir als Lëtzebuerg, wéi gesot, mat aneren nationale Parlamenten an déi do Richtung ginn. Fridden a Réconciliation, Dir Dammen an Dir Hären, sinn d'Basis vu Prospéritéit. Dat hu mir hei an Europa an och hei zu Lëtzebuerg viru 60 Joer geléiert. An ech mengen, och Israelien a Palästinenser hunn e Recht dorobber, mussen déi Chancen notzen. A wéi gesot, mir freeën eis, dass d'Europaparlament och op deem nämlechte Wee geet wéi déi meescht national Parlamenten.

Ons Motioun elo: De leschte Freideg hu mer also an der aussepolitischen Kommission nach eng kéier en Débat iwwert déi Motioun gehat. Déi Motioun war déposéiert gi vun deene Lénken am November. Mir hu se dunne net direkt